PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09.06.2022

**Demande fir d'Representant vu Luxinnovation an d'Kommissioun ze invitéieren**

Här President,

En vue vun der kommender Kommissiounssëtzung vun der Wirtschaftskommissioun, an där iwwert d'Affär ronderëm d'Kënnegung vum Jeff da Costa an dem eventuellen Ausübe vu politeschem Drock geschwat soll ginn, biede mir iech dëse Bréif un d'Kommissiounspresidentin vun der Wirtschaftskommissioun weider ze leeden.

Fir d'Affär wärend der Kommissiounssëtzung esou gutt et geet ze beliichten, denken d'Piraten, dass et wichteg wär, och d'CEO vu *Luxinnovation* an d'Sëtzung ze invitéieren, well *Luxinnovatio*n e Partner vum Diddelenger *Innovation Hub* ass, wou *RSS-Hydro* hire Sëtz hunn. Aus dësem Grond géife mir Iech, Madamm Kommissiounspresidentin, bieden, mat der Madamm Sasha Baillie, CEO vu *Luxinnovation*, a Kontakt ze trieden, fir dass si an hier Positioun an der Kommissiounssëtzung kéint gehéiert ginn.

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député